

Lëtzebuerg, den 8. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

„De franséischen Netzbedreiwer RTE huet zesumme mat der „Agence de transition écologique“ (ADEME) d'Plattform „Ecowatt“ ausgeschafft, déi d'Consomatioun am franséische Stroumreseau permanent iwwerwaacht an uweist, wou a wéini d'Belaaschtung am gréissten ass. Op déi Manéier kréien d'Benotzer en Iwwerbléck wéini déi bescht Momenter si fir verschidden elektronesch Geräter ze benotzen a wéini et manner gönschteg ass.

Zu Lëtzebuerg gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 1. August 2007 iwwer d'Organisatioun vum Stroummarché d'Schafé vun enger „plateforme informatique nationale de données énergétiques“ vir.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:


- Ass déi genannte Plattform zu Lëtzebuerg entretemps geschaaft ginn? Wann net, wat wieren d'Grënn a bis wéini soll se operationell sinn?*
- Kann den Här Minister informéieren, wéi eng präzise Funktiounen déi Plattform ubidde soll?*
- Ass virgesinn, d'Donnéeë vun dëser Plattform op déi eng oder aner Manéier der Ëffentlechkeet zur Verfügung ze stellen?*
- Wa jo, ass ugeduecht eng mobil Applikatioun z'entwéckelen?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten